Independant? – a mengen Aen, mee ech wëll de Verhandlungen net virgräifen, eng ganz wichteg an entscheedend Roll, well a menger Optik fält a steet domadder de ganze Projet.

Mee et soll een elo net „das Kind mit dem Bade ausschütten“, mee mir musse kucken, zesumme mat de Sozialpartner dat ronnzekréien an duerno och an der Kommissioun, wou mer da sollen dat schéin, Punkt fir Punkt, duerchgoen, eng Analys Artikel fir Artikel maachen a wou mer da jo och nach Avisen ufroe bei der Beruffschamber, beim Conseil d'État, wou et och do méiglech ass, dass verschidde Saache wäerten afléissen. Den Här Baum hat et gëschter selwer gesot: Ech huelen da jo mol un, dass eng Beruffschamber ganz besonnesch wäert dodrop usprangen oder drop drécken, well jo do och Iddien, déi an dem Här Baum senger Propos sinn, och vun enger Beruffschamber gedroe ginn.

Et ass awer och fir mech wichteg, dass een déi Positiounen, déi souwuel d'Patronat wéi d'Salariat hunn, och eng Kéier kann am Detail analyséieren. Do sinn der derbäi, dat verheemlechen ech Iech net, wou se komplett ënnerschiddlech Vuen hunn op deen een oder deen anere Punkt. Mee dat ass meng Aufgab, fir do ze kucken, zesummen am Sozialdialog et fäerdegzebréngen, dat esou ze ficeléieren, dass déi zwou Säite sech dran erëmfannen an dass mer dann och kënnen déi richteg Argumenter an déi richteg Prioritéite setzen, fir dass déi zwou Säiten, souwuel d'UEL wéi och d'Gewerkschaften, sech an deem Projet de loi, dee mer da maachen, kënnen erëmfannen.

Fir mech ass et wichteg, dass mer dat bilateral kënne klären an dass et dann och méiglech ass, déi Transpositioun vun der Direktiv iwwert d'Plattformaarbecht och ëmzesetzen, an dass mer da vläicht – ech weess et net, ech wëll kengem virausgräifen – déi Éischt respektiv bei deenen Éischten derbäi sinn, déi dat maachen.

Mir wëssen, dass de Phenomeen vun de Fausse-indépendancen ëmmer méi um Terrain present gëtt an dass mer dofir virun allem och do eppes musse maachen. Et geet awer och drëm an et ass wichteg, dass mer och gesinn, wat an eisen Nopeschlänner geschitt, net dass mer hei alles zoumaachen an da wandere si op déi aner Säit, mee dass et och do wichteg ass, dass mer déi selwecht Approchen hunn, dass mer europarechtskonform hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen, awer och gläichzäiteg kënne garantéieren, dass et och nach fir verschidde Betriber an Aktivitéiten interessant ass, hei zu Lëtzebuerg aktiv ze sinn.

Mir wëllen eng Transpositioun, déi europarechtskonform ass, déi de Schutz vun de betraffenen Arbeitnehmerinnen an Arbeitnehmer effektiv verbessert an och gläichzäiteg kloer operabel reegelt, wat eng Plattform ass. Dat ass de Kader, an deem mir de weidere Prozess mat de Sozialpartner wëlle weiderféieren. An dat ass de Punkt an dat ass de Stand, vun deem ech Iech haut ka rapportéieren. Nom 24. Februar kann ech vläicht méi soen, mee dat ass de Punkt op dem haitegen Dag.

Mee den Här Engel, gesinn ech, wëll nach eng Kéier nohaken.

**M. Claude Wiseler,** Président | Den Här Engel kann nach eng Kéier nohaken als Zousazfro, just ganz kuerz, well en am Fong keng Zäit méi huet. Dofir ganz kuerz.

**M. Georges Engel** (LSAP) | Jo, ech wollt awer bei deem nohaken, wat den Här Minister elo grad gesot huet. Vläicht als Informatioun: Et gouf och Parteien, déi wollte virun der Direktiv hei legiferéieren. Dat war awer net d'Vue vun der ganzer Regierung. Duerfir wollt ech dat just nach eng Kéier soen.

Dir kënnt gären ... Et ass eng Viraarbecht gemaach. Ech soen et elo net nach eng Kéier. Am Tirang am Ministère, do läit e ganze Projet. Dir kënnt dee ganz gären huelen. Ech si ganz frou, wann Der dovunner, wéi Der virdru gesot hutt, wëllt ofschreiwen. Dir kënnt en awer och ganz huelen. Dat wär guer kee Problem.

Meng Fro ass ganz kloer: Dir hutt Iech an deem Rapport vun der OIT kloer positionéiert par rapport zu: „Wat ass en Independant? Wat ass eng Plattformaarbecht? Wie schafft bei enger Plattformaarbecht? An ab wéini gëllt do e Kontrakt?“ Do hutt Der Iech ganz kloer positionéiert. Stitt Der zu deem Positionnement, wat Der do gesot hutt? Oder huet d'Positioun vun der Regierung par rapport zu deem geännert? An implizitt heescht dat dann och: Steet d'Regierung zu der Direktiv oder steet d'Regierung net zu der Direktiv?

**M. Marc Spautz,** Ministre du Travail | Also, Här Engel, Dir wësst et am beschten, dass d'Regierung deen do Accord op europäeschem Niveau ginn huet. An domat ass et jo och kloer, dass, wa mer an Europa bei eppes Jo soen, et dann och dat ass, wat mer wëllen hei an Europa an domadder och hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Voilà, merci, Här Minister.

## 13. 8153 – Projet de loi portant modification du livre V, titre premier, chapitre III, du Code du travail

An da géinge mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen. Dat ass de Projet de loi 8153 iwwert de Plan de maintien vun den Aarbechtsplaze fir Betriber a Schwieregkeeten. D'Riedezäit ass hei de Basismodell, dat heescht 10 Minutte fir d'Rapportrice an d'Regierung, 5 Minutte fir déi jeeweileg Fraktiounen a Sensibilitéiten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Nathalie Morgenthaler, den Här André Bauler, den Här Georges Engel, den Här Michel Lemaire, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Nathalie Morgenthaler. Madamm Morgenthaler.

***Rapport de la Commission du Travail***

**Mme Nathalie Morgenthaler** (CSV), rapportrice | Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif alleguer, mat dësem Gesetzesentworf gi verschidde Bestëmmungen am Aarbechtsgesetzbuch ugepasst. Esou kritt de Comité de conjoncture d'Méiglechkeet, bei de Sozialpartner, déi e Plan de maintien dans l'emploi ënnerschriwwen hunn, Informatiounen iwwert d'Ëmsetzung vum Plang unzefroen, an erméiglecht esou e bessere Suivi an eng besser Evaluatioun vun der wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun vun der betraffener Entreprise, déi a Schwieregkeete geroden ass.

D'Informatiounen, déi d'Sozialpartner dem Comité de conjoncture op seng Ufro hi musse liwweren, sinn: déi Moossnamen, déi schonn effektiv ëmgesat goufen, d'Unzuel u Persounen, déi vun all eenzelner Moossnam aus dem Plang betraff sinn, déi Eegemëttel, déi de Betrib fir d'Ëmsetzung vum Plang opbréngt, an d'Verwendung vun de finanziellen Hëllefen a Subventiounen, déi de Betrib an deem Zesummenhang kritt huet.

Am Fall, wou d'Sozialpartner dëser Verflichtung net nokommen, kann den Aarbechtsminister d'Homologatioun vum Plan de maintien dans l'emploi zeréckzéien.

Ausserdeem ginn d'Konditiounen an d'Modalitéite fir d'Kofinanzéierung vun de Formatiounen, déi am Kader vun esou engem Plan de maintien dans l'emploi ugebuede ginn a vum Fonds pour l'emploi finanzéiert ginn, am Aarbechtsgesetzbuch festgehalen: Wann d'Formatioun en neie Poste beim selwechte Betrib betrëfft, da gëtt dës zu 50 % finanzéiert, a wa se en neie Poste bei engem anere Betrib betrëfft, da gëtt se zu 100 % finanzéiert.

D'Onkäschte vun der Formatioun, déi erëmbezuelt kënne ginn, sinn: d'Aschreiwungskäschten, d'Lounkäschte vun den interne Formateuren a Formatricen, d'Käschte vum pedagogesche Material an eventuell Locatiounskäschten, wann ee Lokaler fir d'Formatioun loune muss.

D'Ufro fir d'Kofinanzéierung muss beim Aarbechtsminister agereecht ginn, an am neien Artikel 513-8 gëtt och festgehalen, wéi eng Dokumenter an Informatiounen dëser Ufro ugehaange musse ginn.

Et ass also en Entwotf, deen eng Rei juristesch Onsécherheete berengegt an eng kloer gesetzlech Basis fir déi Konditiounen a Modalitéite schaaft, déi an der Praxis elo schonn appliz éiert ginn.

E puer Wierder zum Werdegang vun dësem Gesetz: Dëse Gesetzesentworf ass an der viregter Legislaturperiod vum deemolegen Aarbechtsminister Georges Engel deposéiert ginn an eng éischte Kéier de 16. Juli 2025 an der Aarbechtskommissioun vum deemolegen Aarbechtsminister Georges Mischo presentéiert ginn. An där selwechter Sëtzung ass och schonn den Avis vum Staatsrot analyséiert ginn, deen zu deem Zäitpunkt fënnef formell Oppositiounen hat. De viregten Aarbechtsminister huet eng Rei Amendementer presentéiert, fir den Observatioune vum Staatsrot Rechnung ze droen.

An der Sëtzung vum 22. Oktober 2025 ass sech mat dësen Amendementer auserneegesat ginn a si si fir Avis un de Staatsrot zeréckgeschéckt ginn. Ech wëll dobäi bemierken, dass och en zousätzlecht Amendement zu de Regierungsamendementer beschloss ginn ass, fir engem Awand vun der Salariatskummer Rechnung ze droen. Konkreet goung et ëm d'Zeréckbezuele vun de Käschte fir d'Formatiounen am Fall vun enger Demissioun vun engem oder enger Salarié/e, deen oder déi am Kader vun engem Plan de maintien dans l'emploi amgaang wär, eng Formatioun ze maachen. Wat d'legistesch Bemierkungen an och d'Ureegung vum Staatsrot ugeet, den Titel vum Gesetzesprojet ze änneren, huet d'Kommissioun beschloss, dës integral ze iwwerhuelen.

*(M. Mars Di Bartolomeo prend la présidence.)*

An der Sëtzung vum 28. Januar 2026 huet d'Aarbechtskommissioun den zousätzlechen Avis vum Staatsrot analyséiert an zur Kenntnis geholl, dass déi héich Kierperschaft sech bereeterkläert huet, hir formell Oppositiounen, déi si am Kader vum Artikel 513-3 Paragraf 5 Alinea 3 an och vum Artikel 513-8 erhuewen hat, opzehiewen, nodeems d'Kommissioun hir Observatiounen an Ureegunge berécksiichtegt hat an och hir Textpropositioun iwwerholl huet.

Et gouf nach zwee weider Avisen: D'Salariatskummer an d'Handelskummer hu sech och zum Entworf geäussert. Wärend d'Handelskummer den Text begréisst, huet d'Salariatskummer eng méi kritesch Stellungnam ofginn. Si bedauert, dass dësen Entworf net mat de Sozialpartner am CPTE, also am Comité permanent du travail et de l'emploi, diskutéiert ginn ass. Si kann de virleiende Gesetzesentworf och net guttheeschen, well si en als ze iwwerflächlech an onvollstänneg ugesäit. Si fuerdert allgemeng, dass eng global an déifgräifend Reform misst gemaach ginn, fir dass den Dispositif ronderëm de Plan de

maintien dans l'emploi méi effizient an der Praxis gëtt. An deem Sënn ass d'Salariatskummer och der Meenung, dass d'Verhandlungen iwwer e Plan de maintien dans l'emploi schonn ab den éischten Zeeche vun enger wirtschaftlecher Schwächt am Betrib obligatoresch misste ginn.

***Discussion générale***

Här President, léif alleguer, ech dinn elo meng Kap als Rapportrice of an iwwerhuelen d'Roll als Spriecherin vu menger Fraktioun.

Mat dësem Gesetzesentworf wëlle mer e kloert Signal setzen: Mir wëllen, dass an Zäite vu wirtschaftlecher Schwieregkeet net automatesch op Entloossungen zeréckgegraff gëtt. Eis Erugeeënsweis ass eng aner: Mir wëllen, dass no konkreete Léisunge gesicht gëtt, fir Aarbechtsplazen ze sécheren, Kompetenzen am Betrib ze halen an de Betriber eng realistesch Perspektiv ze ginn.

Dat ass besonnesch an der aktueller Situatioun relevant. De Chômage ass op engem héijen Niveau. Hannert dësen Zuele sti reell Liewenssituatiounen: Mënschen, déi hir Aarbecht verléieren, Familljen, déi an Onsécherheet geroden, a Leit, déi sech froen, wéi et fir si weidergeet. Fir vill Betraffener bedeit Chômage net nëmmen en temporairë Réckschlag, mee e schwéiere Wee zeréck an d'Aarbechtsliewen, mat reelle Risike vu laangfristeger Exklusioun vum Aarbechtsmaart.

Dofir ass et wichteg, dëser Dynamik entgéintzewierken, net eréischt, wann et ze spéit ass, mee méi fréi, wann nach Handlungsspillraum besteet. De Plan de maintien dans l'emploi steet genee fir dëse preventiven Usaz: en Instrument, dat et erméiglecht, fréi ze reagéieren an Alternativen zu Entloossungen ze sichen.

Als CSV-Fraktioun si mer iwwerzeegt, dass et fir d'Betriber a fir d'Salariéë méi sënnvoll ass, Kompetenzen am Betrib ze halen a weiderzeentwéckelen amplaz se ze verléieren. Stabilitéit ass och en ekonomesche Virdeel, grad an Zäite vun Onsécherheet. Fir eis ass et dofir wichteg, hei e kloert Signal ze ginn: Mir stinn zu enger aktiver Aarbechtsmaartpolitick, déi net nëmme reaktiv ass, mee och virbeugend wierkt.

De Plan de maintien dans l'emploi schaaft e Kader, an deem de Sozialdialog eng zentral Roll spillt an an deem d'Responsabilitéit vun de Betriber an d'Roll vun de Sozialpartner zesummekommen. Fir eis Fraktioun ass et kloer: Aarbechtsmaartpolitik ass ëmmer och eng Fro vun Zesummenhalt. Et geet net nëmmen ëm Indicateuren a Statistiken, mee ëm konkreet Perspektive fir d'Leit. Dofir ënnerstëtze mer och all Schratt, deen dozou bäidréit, Aarbechtsplazen ze sécheren an d'Onsécherheet ze reduzéieren.

An domat ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci der Madamm Morgenthaler. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Rapportrice Nathalie Morgenthaler ass op den Detail vun dësem Projet agaangen. Merci dofir. Jo, am Mëttelpunkt vun dësem Text steet eng Upassung vum Aarbechtsrecht, an dat am Kader vum Plan de maintien dans l'emploi. Dat ass fir meng Fraktioun immens wichteg. Et ass e wichtegt Instrument.

Aktuell läit de Chômagetaux bei 6,2 %. Et ass fir eis kloer, datt mir do, wou et méiglech ass, Aarbechtsplaze mussen erhalen, fir datt dësen Taux net nach weider klëmmt, respektiv mir mussen alles drusetzen, datt deen Taux nees fält. Duerch dëse Gesetzesprojet kritt dann de Konjunkturkommitee d'Méiglechkeet, Prezisioune bei de Sozialpartner, bei de Signatairen, unzefroen, déi et erméiglechen, d'Ëmsetzung vun engem Plan de maintien dans l'emploi besser nozevollzéien an och ze bewäerten.

Dëse Suivi ass wichteg. Idealerweis kann esou verhënnert ginn, datt Leit hirer Famill eng Kéier owes mussen erklären, datt si geschwënn hir Aarbecht verléieren oder riskéieren ze verléieren. Net well si net gutt geschafft oder eng komme gelooss hätten, mee well et dem Betrib duerch verschidden Ëmstänn finanziell net méi gutt geet an en doduerch seng Salariéen net méi all ka beschäftegen.

Esou e Plan de maintien dans l'emploi gëtt dann och staatlech ënnerstëtzt. Et ass virdrunner gesot ginn, preziséiert ginn: Finanziell Hëllefen erlaben et de betraffene Betriber zum Beispill, Formatiounen ze bezuelen, déi de Salariéen nei Qualifikatiounen erméiglechen. An ech soen dat och hei am Kontext vun där Question élargie, déi virdrun nach evoquéiert ginn ass, wou eis dat eeben, wa mer eis am Zäitalter vun der Kënschtlecher Intelligenz beweegen, ëmsou méi bewosst ass an nach méi wäert ginn.

Et si Qualifikatiounen, déi hinnen eventuell och nei Dieren opmaachen, et vläicht erlaben, an nei Beruffsprofiller eranzeswitchen. Dofir ass et och da wichteg, datt déi Suen tatsächlech esou investéiert ginn, datt se mol virun allem zum Erhalt vun den Aarbechtsplaze bäisteieren. An deem Sënn gi jo d'Modalitéiten an d'Konditioune vum Kofinanzement fir d'Formatiounen hei gesetzlech festgehalen.

Als Fraktioun vun der Demokratescher Partei begréisse mir, datt de Staat weiderhin op Preventioun setzt a virun allem och déi néideg Mechanismen en place setzt, fir sech eeben ze versécheren, datt déi finanziell Hëllefen, déi un e Betrib ginn, och wierksam a virun allem am Sënn vun de betraffene Salariéen agesat ginn.

Dat gesot, ginn ech heimat och ganz gär den Accord vu menger Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och dem Här Bauler. An d'Wuert huet direkt den Här Georges Engel fir d'LSAP.

**M. Georges Engel** (LSAP) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et ass wichteg, dass ee mat engem klore Kader Mesüre kann huelen, fir mat engem Plang fir de Maintien dans l'emploi den Entreprisen, déi Hëllef brauchen, dës och zilgerecht an effikass unzebidden.

Et geet hei drëms, zum gudden Deel preventiv ze handelen. D'Iddi ass deemno, d'Aarbechtsplazen ze protegéieren, ier et ze spéit ass, de Sozialdialog ze favoriséieren a Léisunge wéi Formatioun, Reconversioun a Prêt de main-d'oeuvre unzebidden amplaz Entloossungen. Et geet hei also drëms, an d'Aarbecht ze investéieren an net an d'Aarbechtslosegkeet.

Ech kann awer verstoen, dass dëse Projet de loi Verschiddenen net wäit genuch geet. Jo, dat kann een esou gesinn. Esou hätt ee sech och kënne virstellen, dass een eng Obligatioun, fir e Plan de maintien dans l'emploi auszeschaffen, an de Code du travail sollt aschreiwen, soubal et Schwieregkeeten am Betrib gëtt.

Ech muss awer soen, wéi ech dëse Projet de loi deposéiert hunn, war an der leschter Regierungskoalitioun a Regierungskonstellatioun och net méi méiglech. Et ass awer sécher eng Verbesserung vun der aktueller Situatioun. Dat ass et ganz sécher. An dofir, mengen ech, ass dat hei och e Schratt an déi richteg Richtung.

An awer, och ouni dës Dispositioun hu mer et an der leschter Regierung awer fäerdegbruecht, Gespréicher fir e Plan de maintien mat DuPont Teijin, mat Cardoso a mat aneren ze féieren, fir esou sou vill wéi méiglech Sécherheet, Formatioun a Prêt de main-d'oeuvre fir d'Leit, déi do geschafft hunn oder do schaffen, erauszehuelen. Dat hätt een eventuell och kënne bei Amazon esou maachen.

De Comité de conjoncture ass e Gremium, wou d'Gewerkschafte mam Patronat a mat der Regierung zesummesëtzen an dofir och eng gutt Struktur, fir dës Diskussiounen unzegoen.

Dëse Projet ass also eng Verbesserung vun de Méiglechkeeten, fir antizipativ ze handelen. Et ass, jo, Work in Progress. Mir sollen dofir och elo net ophalen an och nach weider Verbesserunge virundreiwen.

Ech ginn awer heimat och den Accord vun der LSAP.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci, Här Engel. An nächste Riedner ass den Här Michel Lemaire fir d'ADR.

**M. Michel Lemaire** (ADR) | Villmools merci, Här President. Mir stëmmen hei iwwer e Projet of, deen aus dem Plan de maintien dans l'emploi e méi adaptéiert Instrument wëll maachen. Et kéint ee quasi soen, en Upgrade.

Mir sinn der Meenung, datt dat heite Gesetz an déi richteg Richtung geet. Et ass schonn, wéi aner Virriedner gesot hunn, besser, Aarbechtsplazen ze erhalen, ier se laangfristeg verluer ginn, well et besser ass, preventiv ze handelen, wéi eréischt duerno da mussen e Sozialplang auszeschaffen oder mat engem Sozialplang mussen ze reagéieren.

Well esou e Gesetz sech awer net selwer mécht, si mir der Meenung, datt et op alle Fall net schuet, déi besser anzebannen, déi genee hei awer den néidegen Knowhow an den néidegen Abléck hunn. Dofir huele mer d'Kriticke vun der Salariatskummer ganz eescht a fuerderen och eng besser Abannung an Zukunft vun dëser.

Et kann ee schwätzen, wéi och schonn an den Avisen ugedeit ginn ass, vun eenzelne Lacunnen, déi dra sinn, Dispositiounen, wou ee kann driwwer streiden, ob se wäit genuch ginn oder net. Mee mir sinn der Meenung, dass et besser ass, elo ze agéieren, wéi net ze agéieren. Mir stëmmen de Projet dofir mat, géifen d'Regierung awer invitéieren, och an Zukunft ze evaluéieren, wéi praxistauglech dëst Gesetz ass – dat war jo ee vun de Kritickpunkten –, an dann, wann dat néideg sollt sinn, ze adaptéieren. Dat gesot, stëmme mir dësem Projet zou.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard fir déi gréng.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Kolleeginnen a Kolleegen, dëst Gesetz verfollegt een Zil, wat mer alleguerten deelen: Aarbechtsplazen ze sécheren, Entloossungen ze verhënneren an de Betriber an de Salariéen an Zäite vu wirtschaftleche Schwankungen a strukturellen Onsécherheete Perspektiven ze ginn.

De preventive Gedanke vum Plan de maintien dans l'emploi ass richteg an néideg an och d'Schafe vun enger klorer gesetzlecher Basis bréngt méi Rechtssécherheet. Trotzdeem musse mir e puer fundamental Bedenken ausdrécklech ënnersträichen.

Éischtens bleift eiser Meenung no d'Instrument ze wéineg verbindlech. Eng Verhandlung vun esou engem Plang ass net obligatoresch, och net bei éischte wirtschaftleche Warnzeechen. An dat schwächt de preventive Charakter, deen dëst Gesetz eigentlech sollt hunn.

Zweetens ass d'Roll vun de Salariéen an hire Vertriedungen nach ëmmer net staark genuch verankert. Besonnesch a klengen a mëttelgrousse Betriber bleift de Schutz net gläich, obwuel grad si e wichtege Pilier an eiser Lëtzebuerger Wirtschaft sinn.

An drëttens gesi mer bei der Finanzéierung vun de Formatioune problematesch Signaler: starr Plaffongen an ënnerschiddlech Tauxe fir intern an extern Posten, déi net ëmmer am Sënn vum Erhalt vun der Beschäftegung sinn.

Mir wäerten dëst Gesetz matstëmmen, well et eeben och e Schrëtt no vir ass, ganz sécher Verbesserungen zum aktuelle Status quo mat sech bréngt. Mee mir erwaarden, dass dëst Gesetz evaluéiert an nogebessert gëtt, fir wierklech e staarkt, soziaalt a gerecht Instrument vum Maintien dans l'emploi ze sinn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. An den nächsten ageschriwwene Riedner sollt sinn ... En ass awer net do.

*(Interruptions et brouhaha)*

Also, Dir musst appreciéieren, dass ech Iech zumindest eng Chance gelooss hunn.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, et deet mer leed, et ware mënschlech Besoinen, déi grad zwëschent mir a menger Ried stoungen.

*(Exclamations et hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | D'Kolleegen hate gemengt, Dir wiert op der Rees.

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Da wier ech awer net esou séier hei gewiescht, Här President.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Jo, mee dat ass och e mënschleche Besoin bei Iech.

*(Hilarité)*

**M. Sven Clement** (Piraten) | Wann Dir dat sot, Här President. Bon, dem Här President, deem hunn ech da scho Moie gesot. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, deen haut hei gestëmmt gëtt, betrëfft awer e Sujet, deen eis alleguerten um Häerz läit – dat gouf jo och scho virdru gesot –: d'Erhale vun der Beschäftegung zu Lëtzebuerg.

Mir all wëssen, datt Entreprisen heiansdo a manner gutt wirtschaftlech Situatioune geroden. An an esou Momenter ass et entscheedend, datt mer Instrumenter hunn, fir ze agéieren, ier et ze spéit ass. De Plan de maintien dans l'emploi ass esou en Instrument, a mam haitege Gesetzesentworf stäerke mer dësen op zwee ganz konkreete Punkten.

Éischtens beim Comité de conjoncture. Dat kléngt no enger technescher Mesür. Dat ass esou eppes, wou een ëmmer hofft, datt een ni domadder ze dinn huet, bis een dann eng Kéier domadder ze dinn huet. An da seet ee sech: Wat technesch ass, huet awer vläicht ganz praktesch Implikatiounen. Et geet nämlech drëms, datt déi ëffentlech Gelder, déi aus dem Fonds pour l'emploi kommen, dann och do agesat ginn, wou se sollen agesat ginn.

An zweetens schafe mer eng kloer legal Basis fir d'Kofinanzéierung vu Formatiounen am Kader vun dësem Plan de maintien dans l'emploi. Bis elo gouf dat zwar schonn an der Praxis gemaach – dat hu mer jo schonn héieren –, mee d'gesetzlech Basis dofir huet gefeelt. An déi gëtt heimadder geschafen. An dat begréisse mer. Generell ass et u sech ëmmer gutt, wann een aus Feeler léiert an dann och déi néideg gesetzlech Basisse schaaft, wou se virdrun net existéiert hunn.

Ech begréissen dann och d'Ännerungen am Remboursement vun de Formatiounskäschten. Do gouf et virdrun – wéi soll ech dat elo léif ausdrécken? – reegelméisseg Interpretatiounsdifferenze mat Salariéen, déi net méi do geschafft hunn an déi eng Formatioun haten an déi dann hu missen op eemol Sue rembourséieren un hire Patron, deen dann awer dat net onbedéngt zegutt gehat hätt. Elo si mer an enger ganz klorer Reegelung: Et geet just nach, wann et eng Faute grave ass. An och dat ass e Punkt, dee mer begréissen. Et wär nämlech absurd, wann e Salarié, dee seng Formatioun ofschléisst a wéinst senger neier Qualifikatioun eng nei Aarbecht fënnt, dann duerno géif bestrooft ginn.

Mir stëmmen dofir dëse Projet mat. Ech soen Iech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci. An den nächsten a leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech muss Iech soen, och nodeem ech elo de Virriedner nogelauschtert hunn, datt ech mech awer e bësse schwéierdi mat dësem Projet, well en ass problematesch op verschiddenen Niveauen.

Éischtens: Wa virdru gesot ginn ass, datt et en Upgrade ass, da muss een awer, mengen ech, derbäifügen, datt et awer dann esou e Kommaupgrade ass, vum 1,2 op den 1,3, well weesentlech méi ass et net.

An et ass net de Versuch gemaach ginn ... An dat, wat mer eigentlech bräichten och an enger ekonomescher Situatioun, wou mer konfrontéiert si mat Betriber, déi Massenentloossunge wëlle virhuelen ... Mir sinn dermat konfrontéiert, datt d'Regierung och duerchaus net frou doriwwer ass, se awer guer keng Moyenen an der Hand huet, fir d'Sozialpartner iwwerhaapt un en Dësch ze brénge respektiv fir mat deem Patron, dee wëll entloossen, iwwerhaapt kënnen ze negociéieren.

Deslescht hu mer et nach gesi bei Amazon, wou et d'Intentioun vun der Regierung war, e Plan de maintien dans l'emploi ze negociéieren. Amazon huet awer ganz einfach gesot: „Eis interesséiert dat net!", an de Minister huet kënne wéi e begossene Puddel zréck an de Regierungsrot tréppelen, well mer effektiv keng Moyenen hunn. An déi dote Situatioune riskéiere mer an der aktueller Situatioun nach méi ze kréien.

Duerfir gëtt dat eigentlecht Zil vum Plan de maintien dans l'emploi, nämlech Aarbechtsplazsécherung, Investissementer an d'Aarbecht amplaz an de Chômage, déi sécher hehr a richteg sinn, mengen ech, mat dësem Kommaupgrade op jidde Fall net erfëllt. An dat soen effektiv net nëmme mir, mee dat seet och d'Salariatskummer.

Et feelt beim Plan de maintien dans l'emploi effektiv u Kontrollen, et feelt u Verbindlechkeet, et feelt u richteger Matbestëmmung. An amplaz déi Froe grondsätzlech unzegoen, kréie mer hei eng technesch Plooschter.

De Projet seet: „Mir froen Informatiounen un." De Projet seet: „Mir reegele besser d'Kofinanzéierung vu Formatiounen." Mee ech mengen, datt dat awer net duergeet. Wann eng Entreprise wierklech ekonomesch Problemer huet, da brauche mer net nëmmen e Formulaire oder eng Prozedur, mee mir brauchen e staarkt Instrument, dat wierklech Aarbechtsplaze schützt.

An dat heescht an eisen Ae konkreet éischtens: De Comité de conjoncture kann haut just invitéieren. Mee invitéieren heescht net automatesch verhandelen, wéi mer och grad bei Amazon gesinn hunn. Mir fannen, datt, wann d'Zeeche kloer sinn, wann Entloossungen also ugekënnegt sinn oder ufänken, da muss een Diskussiounen iwwer e Plan de maintien dans l'emploi kënnen imposéieren. Net froen, mee imposéieren!

Zweetens: Et gëtt nach ëmmer keng richteg Sanktiounen, wann d'Entreprisen hir Engagementer net respektéieren. An dat mécht d'Gesetz finalement zahnlos.

An drëttens menge mir, datt och Betriber ënner 15 Leit, wann et zu Entloossungen, wéi et virgesinn ass, vu méi wéi dräi Leit innerhalb vun dräi Méint kënnt, wou et net ëm eng selbstverscholt Entloossung, wou d'Persoun selwer an der Schold ass, geet, mee aus ekonomesche Grënn, missten an eisen Aen drënner falen.

Mat de Formatioune ginn effektiv, an d'Salariatskummer huet och drop higewisen, komesch Signaler ausgesent, wann effektiv intern Formatiounen zur Hallschent iwwerholl ginn an extern Formatiounen zur Gänze iwwerholl ginn, wou een den Androck op eemol kritt: Mee de Betrib gëtt eigentlech belount dofir, wann déi Persoun ausserhalb ass a forméiert gëtt.

Ech mengen duerfir, datt dëse Projet, dës Plooschter, dëse Kommaupgrade, d'Problemer eigentlech leider just verwalt a se net léist. Ech mengen, datt mer eng Reform vum PME-System brauchen, déi den Numm wierklech verdéngt, déi éischtens obligatoresch Verhandlungen erméiglecht, zweetens reell Kontroll- a Sanktiounsmëttelen huet, drëttens kleng Betriber matabezitt, véiertens staark Gewerkschaften an Delegatioune mat an d'Boot hëlt a fënneftens Formatiounen als e Recht an net als Gonscht versteet.

A mir sinn duerchaus bereet, konstruktiv un esou enger Propos matzeschaffen. Den Aarbechtsminister huet sech virdru fir dat „Zesummen" esou staarkgemaach. Och an der Kommissioun si mer duerchaus bereet, och als Oppositioun, zesummen un deem zahnlosen Tiger ze schrauwen, fir datt en awer vläicht déi eng oder aner e bësse méi bësseg Prothees ka kréien.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss.

An d'Wuert huet den Aarbechtsminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Marc Spautz,** Ministre du Travail | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass hei bal alles gesot ginn, bal alles, awer net vu jiddwerengem, mee bal alles ass gesot ginn. An dee Projet de loi hei geet zréck op den 9. Februar 2023. An deemools ass den Depot gemaach gi vum deemolegen Aarbechtsminister, dem Georges Engel. Et ass deemools drëm gaangen, de Plan de maintien dans l'emploi besser ze maachen. Dat ass dee Projet, deen deposéiert ginn ass, deen och duerno an der Chamber presentéiert ginn ass a wou d'Madamm Morgenthaler jo och op déi eenzel Punkten agaangen ass.

Et ass och dervu geschwat ginn an ënnerstrach ginn: Op der Säit 173 vum Koalitiounsaccord steet, dass dës Regierung och gäre beim Maintien dans l'emploi aner Akzenter géif setzen. Hei ass et awer elo wichteg, well dat hei eng Verbesserung ass ... Ob déi Verbesserung wäit genuch geet oder net, do ass jiddwereen drop

agaangen. An et schéngt mer och logesch ze sinn, dass déi Evaluatioun kënnt an dass mer och kucken, wat nach alles muss geännert ginn, fir de Maintien dans l'emploi besser ze maachen. Mee hei ass e Projet, dee vum Conseil d'État, vun de Beruffschamberen, wou eng Beruffschamber méi kritesch war wéi anerer … An dofir wëll ech Merci soe fir déi Zoustëmmung.

Ech verstinn awer och dee Säitenhieb respektiv déi Kritick, déi plazeweis ubruecht gëtt. An et ass och fir eis selbstverständlech, dass, wann dat bis leeft, mer dat och nach eng Kéier evaluéieren. An et ass genausou wichteg, dass mer eis och nach eng Kéier mam Maintien dans l'emploi wäerte beschäftegen, wat wichteg ass, fir Aarbechtsplaze kënnen ze erhalen an Aarbechtsplazen och kënnen ofzesécheren.

Mee fir haut wollt ech Merci soen alleguerten deene Leit, déi hiert Wuert dozou bäigedroen hunn, fir dass dee Maintien de l'emploi dann elo esou gestëmmt gëtt, mat deenen Amendementen, esou wéi en dann den 9. Februar 2023 deposéiert ginn ass.

Ech soen Iech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** Président de séance | Merci och.

An da wäre mer prett, fir zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8153 iwwerzegoen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8153 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Et hu 60 Kolleegen um Vott deelgeholl. 58-mol Jo an 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann (par M. Gusty Graas), Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.*

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

*(Assentiment)*

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

## 14. 8635 – Projet de loi portant modification du Code du travail en vue d'une adaptation des mesures en faveur de l'emploi des jeunes

A mir géifen dann zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung vun haut iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 8635, eng Ofännerung vum Code du travail am Interêt vun de Mesüren, fir deene Jonken esou wäit wéi méiglech eng Aarbechtsplaz ze verschafen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt d'Madamm Stéphanie Weydert, déi agesprongen ass, aus verständleche Grënn, fir de Kolleeg Charel Weiler. D'Madamm Weydert huet direkt d'Wuert.

***Rapport de la Commission du Travail***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), en remplacement de M. Charles Weiler (CSV), rapporteur | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Hären Deputéiert, et ass mer eng Freed, Iech haut am Numm vu mengem Kolleeg Charel Weiler de Rapport zu dësem Gesetzesprojet betreffend d'Ännerung vum Aarbechtsrecht fir d'Moossnamen zur Färderung vun der Beschäftegung vun deene Jonken dierfen ze maachen.

Dëse Gesetzesprojet 8635 gouf den 10. Oktober 2025 offiziell bei eis an der Chamber deposéiert. De Projet gouf den 23. Oktober an d'Aarbechtskommissioun verwisen an den 2. Dezember respektiv den 18. Dezember hunn de Staatsrot souwéi d'Chambre des Salariés hir Avisen ofginn.

An der Reunioun vun der Aarbechtskommissioun vum 28. Januar dëst Joer huet déi zoustänneg Chamberskommissioun de Charel Weiler zum Rapporter ernannt. An der selwechter Sitzung huet den zoustännege Minister de Projet presentéiert an d'Deputéiert hunn och déi verschidden Avisen analyséiert.

An enger weiderer Reunioun vum 4. Februar gouf dem Här Weiler säi schrëftleche Rapport vun der Madamm Kemp presentéiert a vun der Kommissioun unanime ugeholl.

Ech géif dann elo kuerz op den Inhalt vum Gesetz agoen. De Projet gesäit eng Rei Ännerungen un der aktueller Gesetzgeebung zu de Beschäftegungsmoossname fir déi jonk Leit vir. Op der enger Säit gëtt de legale Kader vum Contrat d'initiation à l'emploi a vum Contrat d'appui-emploi an och vum Stage de professionnalisation adaptéiert an ugepasst. Op der anerer Säit bréngt dëse Projet eng Harmoniséierung vun den Indemnisatiounsmodalitéiten an och vum Recht op Congé fir d'Demandeurs d'emploi, déi vun engem Contrat de réinsertion-emploi, engem Contrat d'appui-emploi oder engem Contrat d'initiation à l'emploi profitéieren.

Wat d'Indemnisatioun ubelaangt, ass ervirzehiewen, datt ënnert dem aktuelle System de Promoteur de Beneficiaire vun engem Contrat d'appui-emploi oder engem Contrat d'initiation à l'emploi direkt bezilt an duerno vum Fonds pour l'emploi rembourséiert gëtt.

An der Praxis ass d'ADEM awer mat Fäll konfrontéiert, an deenen d'Promoteuren hirer Flicht net nokommen an déi betraffe Persounen net indemniséiert ginn. Dowéinst gëtt proposéiert, d'Prozedur ëmzedréien a se där vum Contrat de réinsertion-emploi unzepassen. An Zukunft wäert et deemno esou sinn, datt de Staat d'Beneficiairë vun all dëse Kontrakter direkt indemniséiert an duerno vum Promoteur rembourséiert gëtt. Sou gëtt méi Sécherheet fir déi betraffe Persoune geschaf.

*(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)*

Des Weidere garantéiert d'ADEM fir all Beneficiaire d'Affiliatioun beim Centre commun de la sécurité sociale.

Wat de Congé ugeet, ginn déi bestoend Reegelen zum Contrat d'appui-emploi an zum Contrat d'initiation à l'emploi an Zukunft un déi vum Contrat de réinsertion-emploi ugepasst. Mir kréien also méi eenheetlech Reegele fir d'Beneficiairë vun dëse Beschäftegungsmoossnamen. De Congé ass an Zukunft net méi op zwee Deeg pro Mount fixéiert, mee e gëtt proportionell zur Dauer vum Kontrakt berechent.

Zousätzlech gesäit de Projet vir, datt den Accès zum Stage de professionnalisation fir all d'Demandeurs d'emploi opgemaach gëtt, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, an dofir och fir déi jonk Demandeurs d'emploi.

Elo nach e puer Wuert zu den Avisen, déi erakomm sinn. De Staatsrot huet keng Kritick um Fong vum Projet geäussert. Dat weist och, a wéi enger Zügegkeet mer elo vum Depot bis zum Vott hei sinn. Mee de Staatsrot huet e puer legistesch Observatioune gemaach, déi d'Kommissioun sech selbstverständlech zu Häerze geholl huet.

D'Chambre des Salariés huet sech iwwerdeems positiv iwwert déi geplangt Harmoniséierung vun der Indemnisatioun gewisen. Si ënnersträicht awer, datt dës Reform net zu enger Deresponsabiliséierung vun de Promoteure féieren dierf, a plädéiert dofir, bei Bedarf méi ofschreckend Sanktioune virzegesinn, wann de Fonds pour l'emploi net rembourséiert gëtt. Am Rescht weist si sech favorabel géintiwwer de geplangten Ännerungen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, dëst wier dann alles emol fir de mëndleche Rapport gewiescht, a fir weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport vum honorabelen Här Weiler.

Ech géif dann awer och nach e puer Wuert als CSV-Spriecherin soen.

***Discussion générale***

Als CSV-Fraktioun ënnerstëtze mir dëse Projet a gesinn en als wichtege Schratt, fir d'Situatioun vun deene Betraffenen, jo, vun deene jonke Leit, ze verbesseren. D'Beschäftegungsmoossname si vun zentraler Bedeitung, wann et drëms geet, jonk Leit erëm an d'Aarbechtswelt eranzeféieren an hinnen eng Perspektiv am Liewen ze ginn. Hire legale Kader muss dofir kloer, einfach a kohärent sinn. A genee dat erreeche mer mat dësem Projet.

Besonnesch positiv ze ënnersträichen ass, dass d'Beneficiairen an Zukunft direkt vum Fonds pour l'emploi bezuelt ginn an net riskéieren, herno ouni Indemnitéit dozestoen, wann e Promoteur seng Flichten net erfëllt.

Déi geplangt Harmonisatiounen a Simplifikatioune bréngen zousätzlech méi Kohärenz an déi bestoend Gesetzgeebung. Och dat kënne mir nëmme begréissen.

Dofir, léif Kolleegen, soen ech Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn domat och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Madamm Weydert villmools Merci fir hire schrëftlechen a fir hire mëndleche Rapport. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler.

**M. André Bauler** (DP) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech brauch elo wierklech net méi hei an den Detail ze goen, well déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert huet dat op eng ausgezeechent Manéier gemaach. An ech wëll hir dann och direkt op dëser Plaz Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech wollt hir felicitéieren, pardon. Merci däerf een net méi soen. Felicitéieren!

*(Hilarité)*

Zur Ausbezuelung vun der Pai: Doduerch, datt d'ADEM zukünfteg d'Paien eeben direkt un déi Leit